PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/04/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

D'Patientevertriedung an den UCL hunn an engem Communiqué matgedeelt, dass et zu ville Fäll géing kommen, wou Ordonnancen oder soss Recommandatioun vun Hausdokteren, déi Persounen, déi fir eng Covid-Impfung invitéiert goufen, dobäi hunn, net a Consideratioun geholl ginn. Laut Patientevertriedung géif just no eventuellen Allergië gekuckt ginn. Dëst kann zu Onsécherheete fir déi Betraffe féieren.
Laut der Santé hunn 668 Leit, déi an engem Impfzenter ee Vaccin proposéiert kruten, dëse Vaccin refuséiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Santé net der Meenung, dass d'Recommandatioune vum Hausdokter, deen d'Persoun an hier gesondheetlech Situatioun kennt, sollte respektéiert ginn?

2. Wat fir eng Prozedur gëtt am Impfzentrum befollegt, wann eng Persoun eng Recommandatioun/Ordonnance vun engem Hausdokter virleet, déi vum Usage vun enger Zort Vaccin ofréit?
   Wien huet dat lescht Wuert bei der Offer vun engem Vaccin?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député